

Impressum

Déi konkret Beispiller an dësem Recueil ginn typesch Situatiounen aus dem Schoulalldag erëm a versichen, wichteg Aspekter aus deene verschiddene Kapitele méi gräifbar ze maachen. Si sinn aus deene villfältegen Erfarunge vun de Membere vum Aarbechtsgrupp an aus dem Austausch iwwert dës Erfarungen eraus entstan.

© Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

ISBN: 978-99959-1-235-2

Koordinatioun: Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend,
Service de l'Enseignement fondamental

Mise en page : Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend
Lëtzebuerg, 2018

www.enseignement-fondamental.lu

Sproochlech Bildung
am éischte Cycle

Deel 1:

Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Meng Sprooch(en), deng Sprooch(en), eis Sprooch(en) Sproochlech Bildung am éischte Cycle

Am éischte Cycle vun der Lëtzebuerger Grondschoul liewen a léiere Kanner vun dräi bis sechs Joer Dag fir Dag zesummen. Si molen a bastelen, sängen an danzen, zielen a vergläichen, moossen a sortéieren, lafen a sprangen, rutschen a klammen, iessen a feieren zesummen a viles méi. An all dëse Situatiounen entsteet Sprooch: D'Kanner schwätze mateneen, si lauschteren no, stelle Froen a ginn Äntwerten, si erklären, beschreiwen a begrënnen, si erfannen an erzielen. Net alleguer schwätze si déi selwecht Sprooch: Vill vun hinne schwätzen doheem aner Sproocher wéi déi vun der Schoul; eng ganz Rëtsch wuesse vu Klengem u mat e puer Sproocher op. Eng gemeinsam Sprooch hëlleft dat, wat ee mécht an erlieft, wat ee gemaach an erlieft huet, a Wieder ze faassen, déi vun deenen anere verstane ginn an déi en Austausch vu Gedanken an Erfarunge méiglech maachen. Am éischte Cycle iwwerhëlt d'Lëtzebuergesch dës Roll: Et ass d'Sprooch vun der gemeinsamer Kommunikatioun an engem Kontext, deen duerch sproochlech a kulturell Villfalt gepräagt ass. Niewent de Sproocher, déi d'Kanner vun doheem matbréngen, gehéiert och déi franséisch Sprooch ëmmer méi zu der Alltagsrealitéit vun e sëllege Kanner an huet hir Plaz am éischte Cycle.

Entwécklung vu mëndleche Kompetenzen am Lëtzebuergesch, Eruféierung un déi geschwate franséisch Sprooch, Wäertschätzung an aktiivt Abezéie vun den Éischtsproocher vun de Kanner, doniewent éischt Schrëtt op dem Wee an déi geschriwwe Sprooch: Esou léisst sech de sproochleche Bildungsoftrag vum éischte Cycle graff resüméieren. D'Hauptuleies vum Recueil „Meng Sprooch(en), deng Sprooch(en), eis Sprooch(en) – Sproochlech Bildung am éischte Cycle“ ass et, fir ze weisen, wéi dëse kann ëmgesat ginn.

E Recueil an dräi Deeler

D'Konzeptioun vu sproochlecher Bildung, déi an dësem Recueil virgestallt gëtt, presentéiert sech an dräi Deeler. Jiddwer Deel gëtt a Form vun engem Heft presentéiert.

- Den éischten Deel „Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg“ (Kapitel 1) setzt de sproochleche Bildungsoftrag vum éischte Cycle an e gréissere gesellschaftleche Kontext. D'Entstehung vun der Lëtzebuenger Méisproochegkeet, esou wéi mir si haut kennen, steet an dësem éischten Heft am Méttelpunkt.
- Am zweeten Deel „D'Kand a seng Sprooch(en)“ (Kapiteln 2 an 3) steet déi sproochlech Entwécklung vu jonke Kanner am Méttelpunkt. Et gëtt versicht, eng wëssenschaftlech fundéiert Äntwert op d'Fro ze ginn, wéi jonk Kanner sech d'Welt sproochlech erschléissen a wat si heifir brauchen. Déi wichteg Phasen an der Sproochentwécklung an een- a méisproochege Kontexter gi beliicht. Do virdru gi verschidden Dimensiounen vu Méisproochegkeet an de Bléck geholl a Méisproochegkeet gëtt zu Sproocherwerb a Sproocheléieren a Bezéiung gesat.
- Den drëtten Deel „Sprooch a Sproochen am éischte Cycle“ (Kapitele 4 bis 7) beschreift, a Form vun Eckwäerter, déi pädagogesch-didaktesch Konsequenzen, déi sech aus den Iwwerleeungen aus dem zweeten Deel erginn. Doniewent ginn déi verschidde Sproochen, déi am éischte Cycle vu Bedeitung sinn, an de Bléck geholl.

Et gëtt dräi grouss Kategorië vun Eckwäerter:

- > Den Ufank maachen déi grondleeënd Prinzipië vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle, déi sech op all Aktivitéit an op all Situatioun am Schoulalldag bezéien an domat onofhängeg vun engem bestëmmte Léierberäich sinn. Si ginn eng Äntwert op d'Fro, wat am Kontext vum Sproocheléieren am éischte Cycle wichteg ass (Kapitel 5).
- > Ushléissend gi verschidde Sproochmomenten am éischte Cycle ënnert d'Lupp geholl. Et geet ëm d'Fro, wéini a mat wem d'Kanner an déi Erwuesse wéi eng Sprooch(e) gebrauchen (Kapitel 6).
- > Zum Schluss ginn d'Mierkmoler vun engem bewusste Sproochverhale vu Kanner an Erwuessene beschriwwen, déi aus der Fro eraus entstinn, wéi déi verschidden Acteuren hir Sprooch kënne asetzen, fir datt all Kand säi sproochlecht Potential beschtméiglech entfale kann (Kapitel 7).

Eckwäerter amplaz vun engem Programm

E Programm, deem eng bestëmmte Progressioun virgëtt an domat weist, wat wéini ze maachen ass, kann där komplexer a villschichteger sproochlecher Realitéit, déi vu Schoul zu Schoul an dacks vu Klass zu Klass verschidden ass, net genuch Rechnung droen. Den Aarbechtsgrupp, deem dëse Recueil am Opdrag vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ausgeschafft huet, ass dofir op de Wee gaangen, fir Eckwäerter vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle ze definéieren: Engersäits huele si d'Sprooch an d'Sproocher vun den éischten dräi Grondschouljoren an de Bléck; anerersäits orientéiere si sech un de Meilesteng an der Sproochentwécklung vu jonke Kanner a méisproochlege Kontexter. Si ginn eng Äntwert op d'Fro, wat am Kontext vum Sproocheléieren am éischte Cycle wichteg ass a wéi et kann ëmgesat ginn.

De Recueil „Meng Sprooch(en), deng Sprooch(en), eis Sprooch(en) – Sproochlech Bildung am éischte Cycle“ setzt de Kader fir d'Sproocheléieren am éischte Cycle. Vervollstännegt gëtt en duerch Aktivitéitsfichen, déi dëse Kader mat Liewe fëllen. Aktivitéitsfichë beschreiwen, wéi den Numm et scho seet, Aktivitéiten aus verschiddenen Entwécklungs- a Léierberäicher, an deene sproochlech Kompetenze kënnen entwéckelt an opgebaut ginn. Si sinn op dem Internetsite www.enseignement-fondamental.lu ze fannen.

De sproochtherapeutesche Volet gëtt an dësem Recueil nëmme kuerz ugeschwat. Dat huet säi Grond: Den Know-how an dësem Beräich läit bei deene verschiddene Kompetenzzentren, an zwar un éischer Plaz dem *Centre de Logopédie*.

Inhaltsverzeichnis

Kapitel 1:

Eng (sprooch)geschichtlech Aféierung an d'Lëtzebuerger Méisproochegkeet

| | | |
|-----|--|----|
| 1.1 | Den allgemengen aktuelle Kontext | 10 |
| 1.2 | D'Entwécklung vun der histoirescher Méisproochegkeet | 13 |
| 1.3 | Den Ausbau vum Lëtzebuergeschen am Kontext vun der histoirescher Méisproochegkeet | 18 |
| 1.4 | Sproochenentwécklung vum zweete Weltkrich bis 1984 | 25 |
| 1.5 | D'Sproochegesetz vu 1984 | 29 |
| 1.6 | D'Méisproochegkeet bis an déi haiteg Zäit | 31 |
| 1.7 | Referenzen | 40 |





Kapitel 1

Eng (sprooch)geschichtlech Aféierung an d'Lëtzebuenger Méisproochegkeet

Dëst éischt Kapitel geet der Fro no, wéi d'Lëtzebuenger Méisproochegkeet, esou wéi mir se haut kennen, entstanen ass. Den Ufank mécht d'Beschreibung vun der aktueller Sproochsituatioun, esou wéi si sech am Alldag presentéiert. Op Basis heivu gëtt erkläert, wéi sech historesch zu Lëtzebuerg eng Méisproochegkeet entwéckelt huet a wéi eng Roll heibäi déi verschidde Sproochen, virop d'Lëtzebuergesch, gespillt hunn. D'Situatioun während an no dem Zweete Weltkrich gëtt hei besonnesch an de Bléck geholl an d'Verbindung tëschent Sprooch an Identitéit gëtt beliicht. Als Ofschluss gëtt d'Kapitel en Abléck an d'Sproochegesetz vun 1984 an d'Entwécklung, déi d'Sprooch duerch déi verännert gesellschaftlech Situatioun erlieft.

1.1 Den allgemengen aktuelle Kontext

Weltwäit Migratiounsbeweeungen an déi ëmmer méi wäitreechend global Vernetzunge bewierken, datt d'sproochlech an d'kulturell Diversitéit weltwäit kontinuéierlech zouhuelen. Bal zwee Drëttel vun der Weltpopulatioun (cf. Baker 2011, S. 66) schwätzen aktuell méi wéi eng Sprooch. D'Méisproochegkeet ass domat scho säit längerem quasi zur Reegel ginn (cf. UNESCO 2003, S. 12) a bestëmmt de Liewensalldag vu ville Mënschen. Lëtzebuerg mat sengen dräi Amtssproochen Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch, mat dem Engleschen als internationaler Kommunikatiounssprooch an der ëmmer méi grousser Zuel vun ënnerschiddleche Familljesproochen stellt hei keng Ausnam duer.

Den Alldag zu Lëtzebuerg ass méisproocheg

Am Géigesaz zu anere méisproochege Länner, wéi der Schwäiz oder der Belsch, ass zu Lëtzebuerg de Gebrauch vun de Landessproochen net territorial, dat heescht op bestëmmte Regiounen, begrenzt. D'Lëtzebuerger Méisproochegkeet charakteriséiert sech éischter duerch e komplexen an dynameschen „Nebeneinander, Miteinander und Gegeneinander“ vun de Sproochen (MENFP 2008, 12), eng geliefte Méisproochegkeet deemno, déi zum enge ganz verschidde Sproochen an zum aneren all d'Liewensberäicher, ob privat oder öffentlech, mat abezitt (cf. Fehlen/Heinz 2016). De Wiessel tëschent de Sproochen, jee no Situatioun a Gesprächspartner, gehéiert zum Lëtzebuerger Alldag.

Dëse Sproochemix gëllt net nëmme fir e groussen Deel vun de Lëtzebuerger Matbierger – onofhängeg dovun, wéi eng Sprooch(e) si benotzen –, mä bezitt sech och op déi sëllege Grenzpendler aus Frankräich, Däitschland an der Belsch. D'Méisproochegkeet ass zu engem feste Bestanddeel vum lëtzebuergeschen Alldag ginn a stellt en Identitéitsmierkmol vun de Lëtzebuerger duer (cf. Gilles et al. 2010). Niewent där offizieller Méisproochegkeet (Lëtzebuergesch – Däitsch – Franséisch) gëtt et déi individuell Méisproochegkeet vun de Mënschen, déi sech net op dës dräi Sproochen reduzéiert, mä eng Villzuel u weidere Sproochen ëmfaasst. Eng gedeelte Méisproochegkeet, déi op gemeinsame Sproochen berout, ass net nëmme mat Bléck op en iwwerregional organiséierten an

international ausgerichteten Aarbechtsmaart néideg: Am Kontext vu Migratioun an Integratioun ass si scho laang zu engem Schlësselement an der Diskussioun iwwert de sozialen Zesammenhalt an der Gesellschaft ginn. Mëttlerweil ass den Deel vun den auslännesche Matbierger zu Lëtzebuerg op knapp 48% ugewuess (cf. STATEC 2018).

Kompetenzen an de Sprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch stellen nach ëmmer an de meeschte Fäll eng wichteg Grondvoraussetzung fir berufflechen Erfolleg duer a si vereinfachen och d'Agglidderung an d'Gesellschaft – hei ass virun allem d'Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch mat Bléck op d'soziokulturell an d'soziodemographesch Komplexitéit vu Bedeitung.

Um Aarbechtsmaart bleift weiderhin d'Franséisch déi meeschtgenotzte Sprooch; dës trëfft an éischer Linn op den Einzelhandel, d'Gastronomie an d'Handwierk zou (cf. Fehlen 2011 a Klein 2003). Am Finanzsecteur grad ewéi am Wëssensberäich ass dogéint niewent dem Franséische virun allem d'Englescht eng wichteg Kommunikatiounssprooch. Am ëffentlechen Déngscht dogéint gi Kompetenzen an den dräi Landessprooche gefuerdert; dëst ass eng Konditioun, déi virun allem nach ëmmer fir Leit mat Migratiounshannergrond a Grenzgänger eng Barrière ass.

Fir d'Komplexitéit vun der Lëtzebuenger Méisproochegkeet besser ze verstoen a richteg anuerdnen ze kënnen, gëtt an dësem Kapitel probéiert, fir en Iwwerbléck iwwert déi wichtegst historesch Entwécklungen ze ginn. Et gëtt e Bléck op d'Méisproochegkeet vun haut geworf a sech mat der Fro beschäftegt, wéi dës Méisproochegkeet entstanen ass.

D'Entwécklung vum Lëtzebuergesch an de Gebrauch vum ursprénglechen Dialekt – ier Lëtzebuergesch als Sprooch institutionaliséiert gouf – geet wäit zeréck. D'Nationalsprooch vum Grand-Duché huet am Verlaf vun de leschte Joerzénge wichteg sozial a funktionell Rollen an der Kommunikatioun ageholl – dat awer alles am Kader vun enger historesch gelieferter a gewuessener méisproocheger Situatioun. Méisproocheg am Sënn vun:

- Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch als juristesch definéiert Amtssprooche vu Lëtzebuerg;
- Italienesch a spéiderhi Portugisesch als wichteg Migratiounssproochen am Kontext vun den Aarbechterbewegungen (vum Ufank vum 20. Joerhonnert un);
- engem heterogene *melting pot* vun ënnerschiddleche Sproochen, déi haut am Alldag zu Lëtzebuerg benotzt ginn. Dëst mat Bléck op eng divers Populatioun, déi zu Lëtzebuerg schafft a leeft.

D'Lëtzebuergesch ass eng lieweg Sprooch

D'Lëtzebuergesch Sprooch befënnt sech an engem kontinuierlechen Entwécklungsprozess a gëtt dohier als Ausbausprooch bezeechent (Term cf. Kloss 1967). Am Laf vun dësem Kapitel ginn déi wichtegst Entwécklungsphase¹ vum sproochhistoreschen an aktuellen Ausbau vum Lëtzebuergesch – ëmmer agebett an déi méisproocheg Situatioun vum Land – beschriwwen. Dës Zesummefaassung soll e Bewosstsinn schafe fir dat méisproocheg Ëmfeld zu Lëtzebuerg an déi méisproocheg Kompetenze vun den Awunner beschreiwen.

D'geliefte Méisproochegkeet vun de Mënschen zu Lëtzebuerg verdäitlech och, firwat et net zoutreff, wann d'Lëtzebuergesch am UNESCO-Atlas als *vulnerable language*² ageuerdent gëtt. No de Kritäre vun der UNESCO ass eng Sprooch *vulnerable*, wann d'Kanner d'Sprooch wuel léieren, dës awer op bestëmmten, meescht familiär, Beräicher beschränkt ass – wat hautdesdaags awer zu Lëtzebuerg net méi esou stëmmt. Doriwwer eraus hëlt d'UNESCO an hirer Analys a kengster Weis déi sproochlech Tatsaach mat eran, datt et zu Lëtzebuerg eng historesch gewuesse Méisproochegkeet gëtt; déi dräi Sproochen Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch sinn op funktionell verschidde Kommunikatiounsberäicher opgedeelt ginn. Dës Matenee vun de Sproochen am Grand-Duché heescht awer net, datt doduerch eng vun deene Sproochen a Gefor ass (cf. Gilles/Fehlen 2009). Lëtzebuergesch war also nach ni déi eenzeg Sprooch a kann dat och opgrond vun der méisproocheger Ausriichtung vum Land net sinn. Dat heescht awer net, datt si menacéiert ass – d'Germaine Goetzinger (2000, S. 19) seet, datt déi lëtzebuergesch Dräisproochegkeet an hirer Eegeart am Fong nach ëmmer déi eigentlech Mammesprooch zu Lëtzebuerg ass.³

¹ Dëst Kapitel huet net d'Zil, eng komplett sproochhistoresch Ausféierung ze ginn. Dowéinst gëtt geziilt mat ville Quellerverweiser geschafft, fir op wichteg Wierker aus dem Beräich vun der Lëtzebuergesch Geschicht a Sproochgeschicht hinzewiesen: beispillsweis Pauly (2011), Bruch (1953, 1954, 1955), Hoffmann (1978, 1987) an Trausch (1987, 1994).

² Den Terme *vulnerable*, och nach als *unsafe* bezeechent, gëtt heefeg net weider erkläert, wat dozou féiert, datt eng gewëssen Unsécherheet entsteet. Op enger Skala vun 1 bis 5 vun de bedreete Sproochen ass et awer esou, datt Lëtzebuergesch do ëmmer 1 opgelëscht gëtt, deemno de Risque vum Zeréckgoen oder Verschwanne minimal ass (cf. Gilles/Fehlen 2009).

³ Cf. Berg/Weis (2007, S. 19): „(...) le plurilinguisme: peut-être la véritable langue maternelle des Luxembourgeois“.

1.2 D'Entwécklung vun der historiescher Méisproochegkeet

Sproochhistoresch gesinn ass d'Lëtzebuergesch e westmuselfränkischen Dialekt (cf. Gilles 1999), deen zënter 1984 awer offiziell de Status vun enger Nationalsprooch huet. Et gëtt ugeholl, datt et (historesch betruecht) duerch fränkesch Expansiounsbewegungen eran an de Paräiser Becken zu éischte Kontakter mat gallo-romanesche Sproochelementer koum, wouduerch eng Sproochmëschung entstanen ass, déi haut als Ursprung vum Lëtzebuergesche ugesi gëtt (cf. Bruch 1953). Zënter der Territorialgrënnung am 10. Joerhonnert duerch de Siegfried huet sech d'Landesfläch en etlech Mol verännert, an et gouf verschidden Herrscher vum Mëttelalter bis an d'Neizäit. Den Territoire war ënnert anerem ënnert belscher, hollännescher, éisterräichescher, däitscher a franséischer Herrschaft. Aus sproochhistorescher Siicht ass et wichteg ze wëssen, datt déi verschidde politesch Gewalten all Kéier entweder eng germanesch oder eben eng romanesch Sproochausrichtung gefërdert hunn (cf. Margue 1978).

Déi wichtegst territorial Verännerungen am Iwwerbléck


Déi hellrout Fläch (Kaart 1, S.15) skizzéiert den aktuellen Territoire vu Lëtzebuerg, deen op 1839 zeréckgeet an iwwert d'Joerhonnerten, souwuel wat seng Fläch wéi och seng Awunnerzuel ugeet, enorm Verklengerungen erlieft. Wann een déi historesch Flächenausdeenung kuckt, gëtt déi gewuesse méisproocheg Ausriichtung vu Lëtzebuerg däitlech. Déi rout Linn markéiert d'romanesch/germanesch Sproochgrenz a weist d'Situatioun zur Zäit vum *Ancien Régime*, an där den Territoire vum deemolegen Herzogtum Lëtzebuerg iwwert dës Sproochgrenz erausgaangen ass.

Am Joer 1815, no der Néierlag vum Napoleon, kënnt et a ganz Europa zu bedeitende politeschen an territoriale Verännerungen. Lëtzebuerg ass vun elo un offiziell e Grand-Duché a gëtt e Memberstaat vum *Deutschen Bund* ënnert dem Wilhelm I., Kinnek vun den Niederlanden (cf. Fehlen 2015, S. 66).

E wichtegen Datum um Wee vum Dialekt hin zur Landessprooch ass den 19. Abrëll 1839, d'Joer vum Londoner Vertrag (vgl. op der Kaart dee giele Flächeverloscht un d'Belsch). Op deem Dag gëtt Lëtzebuerg onofhängeg, an dat trotz der Herrschaft ënnert dem hollännesche Kinnek bis 1890. Den deemoleg franséischsproochegen, westlechen Deel vum Land geet un d'Belsch (cf. Kayser 1990) a Lëtzebuerg huet zu deem Moment majoritär däitschsproocheg Awunner. Intressanterweis ginn d'wirtschaftlech Bezéiunge mam Süde vun den Niederlanden awer weider gréisstendeels op Franséisch ofgewéckelt, eng Sprooch, déi zu Lëtzebuerg souwisou eng grouss Bedeitung huet. Dëst geet zeréck op d'Zäit, wéi Lëtzebuerg, als *Département des Forêts*, ënnert der Herrschaft vun der franséischer Republik (1795-1814) stoung – deemools ginn ënnert anerem d'Grondlage vun den haitege juristeschen Texter (Code Napoléon) geschafent (cf. Fehlen 2015, S. 66).

Déi Lëtzebuenger Dräisproochegkeet

Obwuel deemno de lëtzebuergeschen Territoire vum Joer 1839 u kee franséischsproochegen Deel méi huet, geet déi franséisch Sprooch net zeréck, wat historesch och mat der Roll vum Franséischen am *Ancien Régime* ze dinn huet. 1843, wou d'Sproochepolitik nach indirekt iwwert d'Entscheidung vum der Schoulpolitik duerchgefëiert gëtt (cf. Fehlen 2013b), gëtt zudeem en offiziellt Schoulegesetz zu Lëtzebuerg gestëmmt, dat Franséisch als Pflichtfach aféiert. Domat wëll ee sech kulturell a politesch vum deemolege *Preußen* ofgrenzen (cf. Calmes/Bossaert 1996, S. 223).



1839: Vertrag vu London

Kaart 1: Territorial Verännerunge vu Lëtzebuerg am Laf vun der Geschicht
(Quell: Gilles 2012)

Lëtzebuerg ass vun der Mëtt vum 19. Joerhonnert un en dräisproocheg Land (Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch). Et gëtt awer offiziell als zweesproocheg ugesinn, well Lëtzebuergesch zu där Zäit nach als Dialekt betruecht gëtt (cf. Gilles/Moulin 2003, S. 306). Gilles/Moulin (2009, S. 198) beschreiwen déi sproochpolitesch Situatioun no 1839 a ginn dobäi och kuerz op d'Verfassung vun 1848 an, déi eng wichteg Roll an der Sproochepolitik spillt:

„Das ursprüngliche, zwei Sprachregionen umfassende luxemburgische Territorium, wird somit auf ein rein moselfränkisches Gebiet reduziert. Die Mehrsprachigkeit des öffentlichen Lebens wird davon aber nicht berührt, denn Französisch und Hochdeutsch bleiben als die in der Verfassung von 1848 festgelegten Amtssprachen mit ihren Funktionen der schriftlichen und öffentlichen Kommunikation bestehen; auch behält das Französische seinen Charakter als Prestigesprache.“

An der Verfassung vun 1848 gëtt ganz liberal d'Gläichberechtigung vum Däitschen a Franséischen och offiziell a juristeschem festgehalen. De lëtzebuergeschen Dialekt gëtt awer net an der offizieller Constitutioun ernimmt.

| | |
|--|--|
| Art. 30. | Art. 30. |
| Der Gebrauch der deutschen und der französischen Sprache steht Jedem frei; es darf derselbe nicht beschränkt werden. | L'emploi des langues allemande et française est facultatif. L'usage n'en peut être limité. |

Grafik 1: Artikel 30 aus der Verfassung vum 1848

Nom Fernand Fehlen (2015, S. 67) gëtt et awer trotzdem eng gewëssen Hierarchie bei deenen zwou Sproochen:

„*De facto* wird die deutsche Sprache jedoch von der französischen dominiert. Im Gymnasium löst das Französische das Deutsche in den oberen Klassen ab. Die staatlichen Verwaltungseliten studieren hauptsächlich in Belgien bzw. Frankreich. Auch wenn die Gesetze bis 1940 zweisprachig publiziert werden, so ist die französische Formulierung im Zweifelsfall bindend.“

De Fernand Fehlen (2012, S. 42) erkläert d'Grënn vum Sproochechoix vu ville lëtzebuergeschen Awunner, besonnesch vun der Uewerschicht. Si ass beispillsweis dofir verantwortlech, datt souwuel Franséisch wéi och Däitsch als Kommunikatiounssprooch weider bestinn, woubäi d'Sproochwiel de soziale Standing vun där jeeweileger Persoun erëmpigelt:

„Da die Beherrschung des Französischen, ebenso wie die der deutschen Bildungssprache, für Luxemburger eindeutig mit dem Bildungsniveau und der sozialen Stellung korreliert, werden Bildungsbürger solche Situationen aufsuchen, nicht nur um ihre Sprachkompetenzen zur Schau zu stellen, sondern auch, um sie zu pflegen und so zu erhalten [...], während Angehörige bildungsferner Milieus sie meiden werden.“

De Fernand Fehlen (2013a, S. 74) weist an deem Zesammenhank virun allem op den onverännerte Status vum Franséischen no der territorialer Optrennung vun 1839 hin:

„Trotzdem wird die französische Sprache ihre Position als Sprache der Eliten und als Gesetzessprache, letzteres auch dank des *Code Napoléon*, der bis heute die Grundlage des Luxemburger Rechts darstellt, beibehalten und das Großherzogtum wird das Revolutionsjahr 1848 mit gestärkter Eigenstaatlichkeit und offizieller deutschfranzösischer Zweisprachigkeit überleben.“

Lëtzebuerg bleift während där Zäit Member vum Deutschen Bund, bis zu deem senger Opléisung am Joer 1867, a kritt duerno den Neutralitéisstatut zougeschwat (dat heescht Gläichberechtigung vun Däitsch a Franséisch, och wa Lëtzebuerg bis 1919 am däitschen Zollveräin ass an doduerch virun allem de wirtschaftlechen Afloss vun Däitschland spiert).

Am nächsten Deel vun dësem Kapitel geet et méi explizit ëm d'Entwécklung vum Lëtzebuergeschen.

1.3 Den Ausbau vum Lëtzebuergesch am Kontext vun der historiescher Méisproochegkeet

D'Lëtzebuergesch⁴ spillt vun der Mëtt vum 19. Joerhonnert un a bis zum Enn vum Zweete Weltkrich eng ëmmer méi wichteg Roll bei der Bevëlkerung. Parallel dozou verfestege sech déi däitsch an déi franséisch Sprooch.

An der Mëtt vum 19. Joerhonnert gëtt d'Lëtzebuergesch engersäits ëmmer méi als allgemeng Kommunikatiounssprooch vun der Mëttelschicht an der ieweschter Schicht gebraucht. Anerersäits gëtt d'Lëtzebuergesch allgemeng, am Kontext vun engem Nationalgefühl, dat ëmmer méi staark gëtt, als Ofgrenzung géintwärt dem Däitschen an dem Franséische verstanen.


Dëst sproochideologescht Ëmdeinken, datt Lëtzebuergesch net nëmmen en Dialekt ass, deen den zwou offizielle Sproochen vum Land ënnergeuerdent ass, mä eng eege „Sprooch“, déi als Nationalsymbol gëllt, bréngt doriwwer eraus éischt sproochlech Standardiséierungsprozesser⁵ mat sech: Dictionnairen, Versich vun enger Orthographie am Ufank vum 20. Joerhonnert, d'Aféierung vum Lëtzebuergesch als Schoulfach (cf. Gilles/Moulin 2003, S. 308).

⁴ Wann an dësem Text de Begrëff „Lëtzebuergesch“ gebraucht gëtt, dann ass dat eng neutral, fir de Lieser verständlech Bezeichnung. Et muss een awer beuechten, datt dëse Begrëff am Fong eréischt méi dacks nom Zweete Weltkrich benotzt gouf. Dëst als Bewegung fort vum Däitschen, awer och als Ausdrock vun engem staarken identitäre Bewosstsinn, dat deemools virgeherrscht huet. Am 19. Joerhonnert goufen dogéint ganz ënnerschiddlech Termë benotzt, fir dës Mondaart respektiv déi vill verschidden Dialekter ze beschreiwen, wéi beispillsweis *Patois*, *Luxemburger Deutsch*, *onzen Dialekt*, *ons Däitsch*, *luxemburger deutsche Mundart*, *Mundart des eigentlechen Deutschlands* asw.

⁵ Cf. déi éischt bedeutend linguistesche Aarbechten iwwert d'Lëtzebuergesch, virun allem d'Wierker vum Bruch 1953, 1954, 1955, 1969.

D'Ufankszäit vum Lëtzebuergeschen als Schrëftsprooch

Zum Ausbau vum Lëtzebuergesche gehéieren och éischt Publikatiounen op Lëtzebuergesch. Niewent dem éischten Text am *Luxemburger Wochenblatt* (1821) ass virun allem de literaresche Versuch vum Antoine Meyer⁶ z'ernimmen, deen am Joer 1829 *E' Schrek ob de' Lezeburger Parnassus* publizéiert, inklusiv enger kuerzer Iwwerleeung iwwert déi benotzten Orthographie.



Grafik 2: Antoine Meyer – „E' Schrek ob de' Lezeburger Parnassus“

Am Virwuert gëtt nach explizit op d'Schreiwung an „onzem Dialekt“ higewisen. Et sollt bis 1845 daueren, bis den Antoine Meyer an engem Gedichtband eng grammatesch Aféierung publizéiert – „Règelbüchelchen vum lezeburger Orthoegraf“ –, an där hien am Detail op d'Orthographie ageet.


⁶ Dës literaresch Wierker, déi symbolesch eng grouss Relevanz fir d'Lëtzebuergesch am Kontext vum Sproochausbau hunn, sinn nëmme vereenzelt ausgewielte literaresch Produktiounen. An dann dierf natierlech net vergiess ginn, datt et och vill méisproocheg Lëtzebuergesch Literatur gëtt. Cf. Hoffmann (1964-67), Honnef-Becker/Kühn (Hrsg) (2004), Conter/Goetzinger (2008), Glesener (2012, 2013).

Vun den 1850er Joren un entsteet duerno – gedroen duerch déi dräi grouss national Dichter Dicks (Edmond de la Fontaine), Michel Lentz a Michel Rodange – eng ëmmer méi populär lëtzebuergeschsproocheg Literatur (cf. Fehlen 2015, S. 69). Ervirzehiewe sinn hei ënnert anerem:

- déi éischt lëtzebuergeschsproocheg Theaterstécker vum Dicks wéi „De Scholtscheîn“ (1855), „De Koséng oder Schwârz oder Blont“ (1856) oder och „D’Kirmesgèscht“ (1856);
- bekannt Gedichter a Vollekslieder vum Michel Lentz, wéi beispillsweis den Hämmelsmarsch (am Fong d’Lidd „D’Schuobermess“ vun 1873), „Ons Heemecht“ (d’Gedicht, dat spéiderhin zur Lëtzebuenger Nationalhymn gëtt), oder och „De Feierwon“;
- dat villäicht bekanntste literarescht Wierk aus der Klassik, de „Reenert“ vum Michel Rodange, dat hien 1872 geschriwwen huet.

Niewent den éischten orthographeschen Erklärungen an dem Gebrauch vum Lëtzebuergesch als Literatursprooch gi weider ausbaurelevant Mesurë geholl, ënnert anerem duerch d’Dokumentéiere vum Wuertschaz. Eng éischt Publikatioun ass dem Jean-François Gangler säi „Lexicon der Luxemburger Umgangssprache“⁷ aus dem Joer 1847 – wéi et sech zu där Zäit gehéiert mat franséischen an däitschen Iwwersetzungen an Erklärungen (cf. Grafik 3, S. 21).

⁷ Jean-François Gangler (1847): Lexicon der Luxemburger Umgangssprache (wie sie in und um Luxemburg gesprochen wird) mit hochdeutscher und französischer Uebersetzung und Erklärung.



Grafik 3: Jean-François Gangler – „Lexikon der Luxemburger Umgangssprache“

E multikulturellt Lëtzebuerg ... an déi identitéitsbildend Roll vum Lëtzebuergesch

An där Zäit entwéckele sech an der Lëtzebuenger Gesellschaft pro-lëtzebuergesch Sproochattituden, déi am Verlaf vun der territorialer Onofhängegkeet entstanen sinn an déi versichen, eng sproochlech Ofgrenzung vun den Noperstaaten Däitschland a Frankräich ze bewierken. D'Lëtzebuergesch entwéckelt sech dobäi zu engem Identitéitsmierkmol an den Dialekt gëtt als Sprooch vum Vollek betruecht, déi an ëmmer méi Beräicher agesat gëtt.

Am Ufank vum 20. Joerhonnert ass déi gesellschaftlech a kulturell Situatioun zu Lëtzebuerg deemno esou, datt

- wirtschaftlech Bezéiunge mat Däitschland an iwwert dës och mat der däitscher Sprooch bestinn,
- d'Bildungselitten awer éischer dem Franséischen an der franséischer Kultur méi no sinn,
- am Alldag awer zu engem groussen Deel bewosst Lëtzebuergesch geschwat gëtt.

Fir d'Dräisproochegkeet an dat doduerch bedéngtent Zesummevléisse vu verschiddene Kulturen zu Lëtzebuerg ze beschreiwen, kreéiert de lëtzebuergesch Journalist an Auteur Batty Weber an de *Münchener Neueste Nachrichten* am Joer 1909 an engem Artikel de Begrëff vun der *Mischkultur* (Weber 1909). Hei postuliert hien, datt Lëtzebuerg duerch déi histoersch Connectiounen mat den Nopeschlänner esouwuel däitsch wéi och franséisch Kulturelementer iwwerhollt an zu engem lëtzebuergesch Unikum vermëscht huet. Lëtzebuerg wär natierlech weder Däitschland nach Frankräich, mä vu béidem e bëssen.⁸

Deemno kommen éischt Iwwerleeungen zu enger Vermëschtung vu verschiddene Kulturen op. Doniewent erlieft déi identitéitsbildend Roll vum Lëtzebuergesch am öffentlechen Debat en neien Héichpunkt. An dësem Zesummenhank gëtt meeschtens dem Caspar Mathias Spoo seng bekannt Interventioun an der Chamber aus dem Joer 1896 ernimmt, an där hien e Luefgesank op Lëtzebuergesch hält. Och wann dës Ried fir d'Lëtzebuergesch eng enorm Signalwierkung huet, ass et awer net déi éischte Kéier, datt am politeschen Discours op d'Lëtzebuergesch zeréckgegraff gëtt.⁹

⁸ Deemools huet de Begrëff vun der *Mischkultur* an d'Konzeptioun dohannert e wichtegen Impakt op d'kulturellt Denken – besonnesch fir Beräicher wéi d'Literatur, awer och d'Education an d'Sprooch. Haut kann de Begrëff awer net méi wäertfräi benotzt ginn. Spéitstens zënter dem Zweete Weltkrich huet dës Usiicht vum Zesummevléisse vun zwou Kulturen e fade Bäigeschmaach, well all Verbindung mat dem däitschen Noper gekappt ginn ass.

⁹ Ronn 50 Joer éischer gëtt schonn an der *Ständeversammlung* zu Ettelbréck vum Deputéierte Karl-Mathias André an der Debatt iwwert d'Bedeegung vu Lëtzebuerg an der Frankfurter Nationalversammlung Lëtzebuergesch geschwat. Doropshin hält den Deputéierten Norbert Metz dës Sproochwiessel un an äntwert op Lëtzebuergesch, esou „datt jidferen mech ka verstoen“ (Milmeister 1986, S. 340). Trotz deenen zwou Interventiounen bleift Lëtzebuergesch am Parlament awer weiderhin nach verbueden.

(...) Ons Sprooch as kee franséisch, keen englesch, kee niddelännesch, kee spuenesch, keen italiéinesch, si as nët sumeresch, nët béimesch, nët tiirkesch, nët russesch, an och secher nët skandinauesch. Wat soll da nach aneschter fir ons iwreg bleiwen als wéi „däitsch“, wa mer den Tur duerch ganz Europa gemaacht hun?

Ons Sprooch as déi däitsch! An ech behaupten nach ewell, datt si vill méi al a vill méi éirewiert as, wéi dat sougenannt Houdäitsch, well Honnerten an Honnerte vu Joren as si geschwat gin, éier e Lessing, e Goethe an e Schiller bestaangen hun, déi dem Houdäitschen eréischt seng besser Gestalt gin hun.

Ons Sprooch as ee vun de gesontesten a rächsten Idiomen vun der germanescher Zong. Wann di neidäitsch Geléierten emol an d'Verleenheet kommen, wou se dat recht Wuert siche sollen fir eng nei Iddi auszedrécken, da kënnen se sech un ons wennen: Mir kënnen hinnen e feierfeste Geldschaf voll kosperer Sproochpierlen a Wieder erschléissen, wou se secher dat Recht fannen. (...)

Ausschnëtt aus dem CM Spoo senger Chamberried
Quell: Goetzinger/Mannes/Muller 2000, S. 63

Déi ganz Ried vum CM Spoo ass staark sproochideologesch markéiert a verdäitlecht – an dësem Fall op politeschem Niveau – d'ASTellung, déi géintiwwer dem Lëtzebuergesche besteet an doriwwer eraus och de Besoin, fir sech an der Mondaart kënnen/dierfen auszedrécken.

Zu där Zäit forméiere sech net nëmme verschidde lokal Dialekter an der Bevëlkerung, mä dës sougenannte *Lokalmundarten* ginn zesummegefaasst als eng iwvergräifend lëtzebuergesch Ëmgangssprooch. Den Engelmann féiert am Joer 1910 a sengem Artikel iwwert de Vokalismus vun der Veiner Mondaart de wichtege Begrëff vun der sougenannter lëtzebuergescher Koinè an, dat heescht der „allgemeine[n] luxemburgische[n] Umgangssprache“. Ideologesch kënt et deemno nach méi zu engem Gefill vu sproochlecher Identitéit a linguisteschem gesinn zu enger Vereenheetlechung vun der Mondaart. Dëst féiert zu enger méi klorer Ofgrenzung géintiwwer dem Héichdäitsche respektiv den ugrenzenden däitsche Mondaarten, wéi dem *Eifler, Mosel a Lothringer Deutsch* (Engelmann zit. no Esch 1916, S. 68).

D'Lëtzebuergesch gëtt e Schoulfach

Opgrond vun dësen éischte Standardiséierungsprozesser an deenen allgemeng an Europa virherrschenden nationalisteschen Tendenze gëtt Lëtzebuergesch mam Schoufgesetz vu 1912 déi éischte Kéier offiziell an der Schoul agefuert.¹⁰ Niewent der Landesgeschichte gëtt och déi lëtzebuergesch Sprooch geléiert. Och wann d'Beherrsche vun der Orthographie keen direkt Léierzil ass, esou ass et awer evident, datt d'Schülerinnen an d'Schüler an de Léierwierker mat enger bestëmmter Rechtschreiwung a Kontakt kommen.¹¹ Esou kënn et, datt dës Schreifweis, obwuel si ni officialiséiert gëtt, bis zum Enn vum Zweete Weltkrich als *De-facto*-Norm gëllt.

De Fernand Fehlen (2013b, S. 52) beschreift d'Afféierung vun der Lëtzebuergesch Sprooch an der Schoul an déi ufänglech Problemer, déi doduerch opkommen, esou:

„(...), die noch lange an der Fiktion des zweisprachigen Staates und somit auch der zweisprachigen Primärschule festhielten. Nach Fernand Hoffmann haben bis 1940 die meisten Lehrer ,in der Luxemburger Volksschule, wie es die Vorschriften wollten, mit den Schülern nur hochdeutsch gesprochen.“

Mam Zweete Weltkrich verännert sech d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg staark an och d'Lëtzebuergesch kritt nees eng Kéier en anere Stellewäert an der Gesellschaft.

¹⁰ Art. 23 „L'enseignement primaire comprend nécessairement: l'instruction religieuse et morale; la langue allemande; la langue française; l'arithmétique; les éléments usuels des sciences physiques et naturelles; les éléments de l'histoire nationale et le luxembourgeois; les éléments de la géographie; le dessin; le chant; la gymnastique et les jeux scolaires; pour les filles, les travaux à l'aiguille et des notions d'économie domestique.

¹¹ „Dës Rechtschreiwung ass déi sougenannte Welter-Engelmann-Schreifweis, benannt ënnert anerem nom Nikolaus Welter a sengem Léierwierk „Das Luxemburgische und sein Schrifttum“ (Welter 1914).

1.4 Sproochenentwécklung vum zweete Weltkrich bis 1984

Déi sproochideologesch a sproochpuristesche Tendenze géintwärt dem Lëtzebuergeschen, déi sech vum Ufank vum 20. Joerhonnert un ënnert anerem a senger Aféierung als Schoulfach manifestéieren, gi riicht weider bis zum Ufank vum Zweete Weltkrich. Lëschte vu franséisch- an däitschsproocheghe Wierder ginn erstallt, déi net an de lëtzebuergesche Wuertschaz opgeholl ginn. Op dës Manéier gëtt dës weider vun deene béiden offizielle Sproochen vum Land ofgegrenzt. Ënnert der nazi-däitscher Okkupatioun am Zweete Weltkrich (cf. Newton 1993) geet duerch déi geplangte Vollekszielung eng weider wichteg identitéitsstärkend Bewegung duerch d'Lëtzebuergesche Vollek. Si verstärkt d'Roll vum Lëtzebuergeschen als symboleschem Identitéitsmierkmol eng weider Kéier.

An dësem Zensus gëtt d'Volk no *Staatsangehörigkeit* (5), *Muttersprache* (7) a *Volkszugehörigkeit* (8) gefrot (cf. Grafik 4, S.26)¹², woubäi „Lëtzebuergesch“ als Äntwert net erlaabt ass, well et jo nach ëmmer als däitschen Dialekt ugesi gëtt¹³ (cf. Trausch 1987). Sënn an Zweck sollt et sinn, déi däitsch Originne vun de Lëtzebuergesche ze verdäitlechen, fir esou d'Aglidderung an dat Däitscht Räich ze begrënnen. Déi dräi Froen ginn awer zu engem groussen Deel dräimol mat „Lëtzebuergesch“ beäntwert. Esou gëtt de Leitsproch *dräimol Lëtzebuergesch* (vgl. Gilles/Moulin 2003, S. 309) an d'Liewe geruff, deen och nach hautdesdaags de staarken Identitéits- a Symbolcharakter vum Lëtzebuergeschen an där Zäit verdäitlecht. D'Äntwerte féieren dozou, datt den Zensus annulléiert gëtt, well aus däitscher Siicht kee befriedegent Resultat z'erwaarden ass (cf. zu deem Thema och Berg 1993).

¹² https://de.wikipedia.org/wiki/Luxemburgische_Sprache

¹³ Erklärung op dem Dokument: „In der Regel besitzt jeder Mensch nur eine Muttersprache, in welcher er denkt und deren er sich in seiner Familie und im häuslichen Verkehr am liebsten bedient [...] Dialekte (Mundarten), z.B. luxemburgisch, plattdeutsch, gelten nicht als Muttersprache.“

Personenstandsaufnahme vom 10. Oktober 1941

Zählkarte für Ortsanwesende

(für alle Personen, eingetragen unter Abschnitt A der Haushaltsliste)

| | | | | |
|-------------------------------|--|---|--------------------------------|--|
| Vom Zähler anzufüllen | Kreis : _____ | | Gemeinde : FOLSCHEID | |
| | Wohnplatz (Ortschaft) : FOLSCHEID | | | |
| Straße und Hausnummer : _____ | | | | |
| Zählbezirk Nr. : _____ | | Haushaltsnummer : _____ <small>(d. h. Hde. Nr. in der Kontrollliste)</small> | | Zählkarte Nr. : _____ <small>(d. h. Hde. Nr. in der Haushaltsliste)</small> |
| 1. | Familienname (Bunname) : _____ | | bei Frauen Geburtsname : _____ | |
| | Vorname (Rufname) : _____ | | | |
| 2. | Stellung zum Haushaltsvorstand : _____ <small>(wie Spalte 3 der Haushaltsliste)</small> | | | |
| 3. | Familienstand : ledig, verheiratet, verwitwet, geschieden <small>(wie Spalte 5 der Haushaltsliste — Nichtzutreffendes streichen)</small> | | | |
| | verheiratet mit : _____ | | geborene : _____ | |
| | geboren am : _____ | | in : _____ | |
| 4. | Geburtsjahr : _____ | | | |
| | Geburtsort : _____ | | | |
| | Geburtsort : _____ falls außerhalb Luxemburgs, Land und Kreis : _____ <small>(wie Spalten 7 und 8 der Haushaltsliste)</small> | | | |
| 5. | Jetzige Staatsangehörigkeit : _____ <small>(wie Spalte 10a der Haushaltsliste; Doppelstaater haben beide Staatsangehörigkeiten anzugeben)</small> | | | <small>(Dieser Raum bleibt frei)</small> |
| | Falls jetzige Staatsangehörigkeit nicht durch Abstammung erworben ist : _____ | | | |
| | Art des Erwerbs (z. B. Option, Heirat) : _____ | | | |
| | Zeitpunkt des Erwerbs : _____ | | | |
| | Etwas frühere Staatsangehörigkeit : _____ | | | |
| | Zeitpunkt des Verlustes : _____ | | | |
| 6. | Hauptberuf : _____ | | Stellung im Hauptberuf : _____ | |
| | Nebenberufel : _____ <small>(wie Spalte 11 der Haushaltsliste)</small> | | " = Nebenberuf : _____ | |
| | Wo und bei wem beschäftigt : _____ <small>(wie Spalte 13 der Haushaltsliste)</small> | | | |
| 7. | Muttersprache : _____ <small>(In der Regel besitzt jeder Mensch nur eine Muttersprache, in welcher er denkt und deren er sich in seiner Familie und im häuslichen Verkehr am liebsten bedient, weil sie ihm am geläufigsten ist, z. B. deutsch, italienisch, französisch, polnisch. Doch kommen auch besonders bei Personen in gemischtsprachigen Gebieten Fälle von Doppelzweisprachigkeit vor. Kinder, welche noch nicht sprechen, und Säuglinge sind der Muttersprache der Eltern anzuschließen. — Dialekte (Mundarten), z. B. luxemburgisch, plattdeutsch, gelten nicht als Muttersprache.)</small> | | | |

Grafik 4: Foto uum Formulare „Personenstandsaufnahme vom 10. Oktober 1941“

D'Lëtzebuergesch – d'Sprooch vun der mëndlecher Kommunikatioun

Nom Enn vum Zweete Weltkriech gëtt op Initiativ vu Lëtzebuerg probéiert, fir däitsch lexikalesch Elementer aus der lëtzebuergescher Sprooch ze verbannen. Well déi bis dato gëlteg Schreifweis vu Wierder ze vill op däitschen Elementer opbaut, gëtt och eng nei Orthographie konzipéiert. Per Arrêté ministériel (deemno juristesesch verankert) gëtt de 5. Juni 1946 d'*Offiziell Lëtzebuurger Orthographie* (an hirer Schreifweis: *ofiziël lezebuurjer ortografi*) ageféiert, déi prioritär op phonetesche Prinzipien opbaut.¹⁴ Well dës Orthographie¹⁵ awer ze komplex a schwéier ze léieren ass, besteet si net laang (cf. Newton 2000, S. 151).

D'Versich, fir Lëtzebuergesch nom Krich als Haaptkommunikatiounsmëttel anzesetzen – ënnert anerem de Versuch, d'Lëtzebuurger Dageszeitungen op Lëtzebuergesch ze verfaassen – , gi séier vun der sproochlecher Realitéit duerchkräizt. D'Lëtzebuergesch ass linguistesesch ze ënnerentwéckelt, fir all d'Beräicher vun der Kommunikatioun ofzedecken; dat gëllt besonnesch fir d'Schrëft (cf. Fehlen 2015, S. 72f.). Well awer och direkt nom Krich déi däitsch Sprooch keng Optioun ass, wuessen d'Funktionalitéit an domat verbonnen de Prestige vum Franséischen nach emol staark. D'Gesetzer gi beispillsweis just nach op Franséisch geschriwwen (cf. déi zweesproocheg Constitutioun vun 1848).

Am Laf vun den Nokrichsjore wisst lues a lues den Afloss vum Däitschen. D'Lëtzebuergesch, och wann et net den offizielle Status vun enger Sprooch huet, ass d'aldeeglech Kommunikatiounssprooch am mëndleche Sproochgebrauch. Dës Roll huet den Dialekt och am Schoulwiesen – zu engem groussen Deel bis haut. Lëtzebuergesch gëtt an der Grondschoul mëndlech agesat.

¹⁴ „Et get net derno gekukt, vou e vuurt hiirkennt, ooder vei et an ènger aanerer shprooch geshrive get. Et get nemen derno gekukt, vei et am lezebuurjeshe geshvaat get“ <http://data.legilux.public.lu/file/eli-etat-leg-memorial-1946-40-fr-pdf>. (01.08.2018)

¹⁵ Si gëtt och Margue-Feltes-Orthographie genannt, no deenen zwou Persounen, déi si entwéckelt hunn.

D'Tatsaach, datt d'Lëtzebuergesch quasi an der Schrëftlechkeet net weider existéiert¹⁶, féiert dozou, datt de Wuertschaz, d'Grammaire asw. am Kontext vum Sproochausbau stagnéieren an iergendwann als rudimentär ugesi ginn.

Doduerch bedéngt, datt sech d'Lëtzebuergesch a ville Beräicher net entwéckelt, wisst an där Zäit den Afloss vum Franséischen an alle relevante staatlechen Institutioune staark un. Net ze vergiessen ass heibäi de gläichzäitegen Opschwong vum sekundäre Secteur, wouduerch vill italesch a portugisesch Migranten an d'Land kommen; si ënnerstëtzen eng romanesch Sproochausrichtung mat.

Dëse sproochlechen Zoustand erkläert déi sproochlech Diglossie-Situatioun vun deemools, wéi Gilles/Moulin (2003, S. 308) et beschreiwen:

„Luxembourgish functioned as the main spoken variety and commanded high national-symbolic value and high social prestige, whereas German and French remained the main languages of the written domains.“

Dës sproochlech Situatioun am Land dauert bis d'Joer 1984, wou et op administrativem a legislativem Plang zu enger bedeitender Verännerung kënnt.

¹⁶ An dësem Kontext muss een dorop hiweisen, datt et quasi keng lëtzebuergeschsproocheg Literatur (no der Zäit vun Dicks, Rodange a Lentz) gëtt, wéi deemools bedeitend Auteure wéi de Roger Manderscheid oder de Guy Rewenig gesot hunn, datt Lëtzebuergesch sproochlech ze aarm war, fir literaresch domat ze schaffen.

1.5 D'Sproochegesetz vu 1984

Bis 1984 ass Lëtzebuergesch offiziell en Dialekt, deen niewent deenen zwou offizielle Sproochen Däitsch a Franséisch existéiert. Gläichzäiteg gëtt Lëtzebuergesch awer als „Alldagssprooch“ an der mëndlecher Kommunikatioun agesat. Sënn an Zweck vum Sproochegesetz ass et, Lëtzebuergesch zu Lëtzebuerg offiziell als Sprooch unzekerennen a gläichzäiteg déi geliefte Méisproochegkeet juristesch ze verankeren. Datt et sech heibäi virun allem awer ëm e symboleschen Akt handelt, weist d'Formuléierung vum Gesetzestext, deen net vun offizielle Sproochen schwätzt. Doriwwer eraus gëtt um Franséischen als Gesetzessprooch (cf. Artikel 2) festgehalen. Lëtzebuergesch gëtt deemno gesetzlech als Nationalsprooch definéiert (cf. Artikel 1). Gläichzäiteg gi Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch als Amtssproochen festgehalen.

Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues.

Nous JEAN, par la grâce de Dieu, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau;
Notre Conseil d'Etat entendu;
De l'assentiment de la Chambre des Députés;
Vu la décision de la Chambre des Députés du 25 janvier 1984 et celle du Conseil d'Etat du 7 février 1984 portant qu'il n'y a pas lieu à second vote;

Avons ordonné et ordonnons:

Art. 1^{er}. – Langue nationale

La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois.

Art. 2. – Langue de la législation

Les actes législatifs et leurs règlements d'exécution sont rédigés en français. Lorsque les actes législatifs et réglementaires sont accompagnés d'une traduction, seul le texte français fait foi.

Au cas où des règlements non visés à l'alinéa qui précède sont édictés par un organe de l'Etat, des communes ou des établissements publics dans une langue autre que la française, seul le texte dans la langue employée par cet organe fait foi.

Le présent article ne déroge pas aux dispositions applicables en matière de conventions internationales.

Art. 3. – Langues administratives et judiciaires

En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières.

Art. 4. – Requêtes administratives

Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant.

Art. 5. – Abrogation

Sont abrogées toutes les dispositions incompatibles avec la présente loi, notamment les dispositions suivantes:

- Arrêté royal grand-ducal du 4 juin 1830 contenant des modifications aux dispositions existantes au sujet des diverses langues en usage dans le royaume;
- Dépêche du 24 avril 1832 à la commission du gouvernement, par le référ. intime, relative à l'emploi de la langue allemande dans les relations avec la diète;
- Arrêté royal grand-ducal du 22 février 1834 concernant l'usage des langues allemande et française dans les actes publics.

Mandons et ordonnons que la présente loi soit insérée au Mémorial pour être exécutée et observée par tous ceux que la chose concerne.

Château de Berg, le 24 février 1984.

Jean

Le Président du Gouvernement,
Ministre d'Etat,
Pierre Werner

Le Ministre de la Justice,
Colette Flesch

Le Ministre de la Fonction Publique,
René Konen

Grafik 5: Sproochegesetz vum 24. Februar 1984

Déi theoretisch Offizialiséierung duerch d'Sproochegesetz huet awer net onbedéngt deen Impakt op den tatsächleche Sproochgebrauch, wéi am nächsten Deel erkläert gëtt.

1.6 D'Méisproochegheet bis an déi haiteg Zäit

D'Tatsaach, datt Lëtzebuergesch zur Nationalsprooch erhuewe gëtt, ännert an den 1980er an 1990er Jore weider näischt un der Diglossie-Situatioun zu Lëtzebuerg. D'Franséisch huet weiderhin eng grouss Bedeitung, net nëmmen als Prestigesprooch, mä allgemeng duerch e verstärkten Asaz als Verkéiersprooch (cf. Fehlen 2013a). Dës Entwécklung erkläert de Fernand Fehlen (2012) virum allem duerch de Wuesstem vum tertiäre Secteur, virum allem wéinst dem Finanzstanduert Lëtzebuerg an der ëmmer méi grousser Zuel vun EU-Institutionen am Grand-Duché. De Fernand Fehlen (2013a, S. 97f.) erkläert déi ënnerschiddlech Entwécklungsgeschichte vun der deemoleger an der rezenter Sproochesituatioun am Land:

„Waren bislang politische Gründe – Nationsbildung und Verteidigung der nationalen Eigenständigkeit – der Hauptmotor für die Veränderung des Gleichgewichtes zwischen den drei Landessprachen, werden gegen Ende des 20. Jh. wirtschaftliche und demografische Gründe in den Vordergrund treten.“ (cf. Calvet 1999)

De wirtschaftleche Boom Métt der 1980er Joren ass net nëmme verantwortlech fir e rapide Wuesstem vun der Awunnerzuel¹⁷ a vun der Zuel vun den deegleche Pendler, mä och fir d'Villfalt u Sproochen an Nationalitéiten zu Lëtzebuerg. Sinn et an den 1960er an 1970er Joren nach bedeitend Migratiounswellen aus Portugal an Italien, bedéngt duerch den Opschwong vum Stolsecteur, esou si rezent ganz heterogen Migratioune feststellen.

¹⁷ 1980 liewen zu Lëtzebuerg ongeféier 363.000 Mënschen; 2010 sinn et der schonn ongeféier 500.000 (cf. STATEC 2012) an 2018 sinn et der méi wéi 600.000 (cf. STATEC 2018).

| Pays de citoyenneté | Nombre de personnes | Part dans la population locale | Part dans la population étrangère | Age moyen |
|--|---------------------|--------------------------------|-----------------------------------|-----------|
| Total | 512 353 | | | 38.74 |
| Luxembourg | 291 831 | 56.96% | | 41.33 |
| Autre État membre de l'UE | 191 685 | 37.41% | 86.92% | 35.82 |
| Portugal | 82 363 | 16.08% | 37.35% | 32.91 |
| France | 31 456 | 6.14% | 14.26% | 34.74 |
| Italie | 18 059 | 3.52% | 8.19% | 45.22 |
| Belgique | 16 926 | 3.30% | 7.68% | 39.34 |
| Allemagne | 12 049 | 2.35% | 5.46% | 42.08 |
| Royaume-Uni | 5 471 | 1.07% | 2.48% | 35.82 |
| Pays Bas | 3 891 | 0.76% | 1.76% | 41.82 |
| Esdpagne | 3 657 | 0.71% | 1.66% | 36.88 |
| Pologne | 2 709 | 0.53% | 1.23% | 31.19 |
| Autre pays européen | 14 058 | 2.74% | 6.37% | 30.68 |
| Monténégro | 3 814 | 0.74% | 1.73% | 26.63 |
| Pays en Afrique | 5 565 | 1.09% | 2.52% | 31.02 |
| Cap-Vert | 2 472 | 0.48% | 1.12% | 31.34 |
| Pays des Caraïbes, d'Amérique du Sud ou Centrale | 2 146 | 0.42% | 0.97% | 32.47 |
| Brésil | 1 203 | 0.23% | 0.55% | 30.65 |
| Pays d'Amérique du Nord | 1 671 | 0.33% | 0.76% | 37.65 |
| États-Unis d'Amérique | 1 295 | 0.25% | 0.59% | 38.04 |
| Pays d'Asie | 4 963 | 0.97% | 2.25% | 33.13 |
| Chine | 1 610 | 0.31% | 0.73% | 34.29 |
| Pays d'Océanie | 187 | 0.04% | 0.08% | 36.43 |
| Apartrides | 197 | 0.04% | 0.09% | 21.67 |
| Non indiqué | 50 | 0.01% | 0.02% | 45.40 |

Tabell 1: Populatioun vu Lëtzebuerg no Nationalitéiten - Quell: STATEC 2012

Sozial, kulturell a sproochlech Diversitéit

Aus der Tabell, déi op der Vollekszielung vun 2011 baséiert, geet däitlech ervir, datt 43% vun der lëtzebuergescher Bevëlkerung auslännesch Awunner sinn. 2018 sinn et der bal 48% (cf. STATEC 2018). D'Nationalitéite vun de primäre Migratiounswelle vum Stolsecteur (Portugal an Italien) wéi och déi vun den Nopeschstaaten (Frankräich, Belsch an Däitschland) representéiere quantitativ nach déi bedeutendst Auslännergruppen. Awer och statistesch relevant Gruppen aus afrikaneschen, amerikaneschen an asiatesche Länner falen duerch e relativ héijen Undeel op. Dëse stellt nei sproochlech Erausfuederungen u Lëtzebuerg – och a besonnesch fir d'Schoul –, déi wäit iwwer déi historesch gewuessen Dräisproochegkeet erausginn. De Steven Vertovec huet an deem Kontext de Begrëff vun der *superdiversity* agefouert, deen demographesch, ökonomesch a sproochlech Verännerunge probéiert ze beschreiwen.

D'Konzept vun der *superdiversity* (Vertovec 2007) gouf entwéckelt, fir déi komplex Migratiounsstréim a Grousstied, wéi beispillsweis London aus soziolinguistescher Perspektiv ze beschreiwen. Nom Vertovec (2007, S. 1) si superdivers Prozesser

„(...) distinguished by a dynamic interplay of variables among an increased number of new, small and scattered, multiple-origin, transnationally connected, socio-economically differentiated and legally stratified immigrants“.

Zesumme mat wirtschaftlechen a kulturellen Effekter beaflossen dës komplex Migratiounsstréim déi sproochlech a kommunikativ Praktike vun enger Gesellschaft, esou datt „mobility, mixing, political dynamics and historical embedding [zu] central concerns in the study of languages, language groups and communication“ féieren (Blommaert/Rampton 2011, S. 3).

Wann een d'Resultater vum leschte Recensement analyséiert, da mierkt een, datt déi sproochlech Diversitéit zum Alldag gehéiert, sief et an der Schoul, doheem oder och op der Aarbecht. Statistesch gesi benotzen d'Awunner vum Grand-Duché méi wéi zwou Sproochen am Dag.

| Nombre de langues parlées au travail, à l'école et/ou à la maison | Nombre de personnes | Pourcentage |
|--|------------------------|-------------|
| 1 | 182 609 | 39.8% |
| 2 | 119 103 | 26.0% |
| 3 | 79 651 | 17.4% |
| 4 | 58 642 | 12.8% |
| 5 | 16 212 | 3.5% |
| 6 | 2 203 | 0.5% |
| 7 | 480 | 0.1% |
| Moyenne | 2.2 langues | |

Tabell 2: Zuel vu geschwatene Sproochen zu Lëtzebuerg
 Quell: STATEC (2013)

D'Tabell ënnersträicht d'Villzuel vun ënnerschiddleche Sproochen an der alldeeglecher Kommunikatioun. Dës Zuele beleeën, datt net nëmme d'Bevëlkerung vu Grousstied superdivers Prozesser duerchliewe kann, mä am Allgemengen och kleng Länner wéi Lëtzebuerg, déi wirtschaftlech wäit entwéckelt sinn. Lëtzebuerg gëllt nämlech trotz senger klenger geographescher Ausdeenung als e wirtschaftlech staarkt an héichentwéckelt Land, an deem déi ëmmer méi grouss sozial, kulturell a sproochlech Diversitéit an der gesamter Populatioun ze spieren ass.

Zesammenhäng tëschent Migratioun a sproochlecher Diversifizéierung

Déi folgend Grafik visualiséiert d'Entwécklung vun de Migratiounsprozesser zu Lëtzebuerg tëscht 2001 an 2011 a verdäitlecht dobäi intressant Resultater, déi d'Hypothesen vun der *superdiversity* zum Deel ënnerstëtzen.

Nombre de personnes étrangères par pays de citoyenneté 2001 et 2011

| Pays de citoyenneté | 01/02/2001 | 15/02/2011 | Évolution en % |
|---------------------|------------|------------|----------------|
| Portugal | 58 657 | 82 363 | 40,4 |
| France | 19 979 | 31 456 | 57,4 |
| Italie | 18 996 | 18 059 | -4,9 |
| Belgique | 14 800 | 16 926 | 14,4 |
| Allemagne | 10 052 | 12 049 | 19,9 |
| Royaume-Uni | 4 331 | 5 471 | 26,3 |
| Pays-Bas | 3 692 | 3 891 | 5,4 |
| Espagne | 2 799 | 3 657 | 30,7 |
| Reste UE27 | 7 949 | 17 814 | 124,1 |
| Autre pays européen | 12 946 | 14 058 | 8,6 |
| Pays en Afrique | 2 675 | 5 565 | 108,0 |
| Pays d'Amérique | 2 204 | 3 817 | 73,2 |
| Pays d'Asie | 2 592 | 4 963 | 91,5 |
| Pays d'Océanie | 105 | 187 | 78,1 |

Tabell 3: Auslännesch Matbierger no Nationalitéit
 Quell: STATEC (2013)

D'Tabell beschreift, datt trotz *superdiversity* déi klassesch Migratiounsstréim aus den 1950er an 1960er Joren nach ëmmer e wichtege Facteur sinn an d'lusophon Bevëlkerung weider bestänneg wiisst (vgl. awer och de Réckgank vun italienesche Migranten). Allgemeng ënnersträicht awer dës statistesch Opzielung, datt keng kloer erkennbar Migratiounsstréim méi festzestelle sinn an datt, bedéngt duerch den diversifizierten Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg an den oppenen, europäesche Grenzen, komplex, superdivers Wanderungsprozesser entstane sinn. Immigratiounen aus verschiddenen EU-Länner – mat Ausnam vu Portugal a Frankräich – sinn, relativ gesinn, am Verglach zu de Migratiounsprozesser aus dem Rescht vun den EU27-Länner an den afrikaneschen, amerikaneschen, asiateschen an ozeanesche Länner net méi esou rapid gewuess.

Horner/Weber (2008, S. 106) weisen am Kontext vun der komplexer Bevëlkerungsstruktur an där domat verbonnener Villfalt u sproochleche Kompetenzen op déi verännert Sproochpraktiken am Grand-Duché hin, déi vum „rise of French as a lingua franca within the Grand Duchy, as well as the growing importance of English in an increasingly globalised world“ bestëmmt ginn. Obwuel dat Franséischt nach ëmmer zu groussen Deeler am lëtzebuergeschen Alldag als Verkéierssprooch verankert ass (besonnesch och duerch déi vill Pendler), esou hält a bestëmmten Aarbechtssegmenter wéi beispillsweis dem Finanzsecteur d'Roll vum Engleschen als Kommunikatiounsmëttel zou (cf. Fehlen 2013a, S. 97f.).

Lëtzebuergesch – d'Sprooch vun der mëndlecher an der geschriwwener Kommunikatioun

Duerch d'Opkomme vun neien technologesche Kommunikatiounsmëttelen an den digitale Medien huet sech an de leschte ronn zwanzeg Joer déi beschriwwe medial Diglossie (Reduzéierung vum Lëtzebuergeschen op d'Mëndlechkeet) no an no opgelackert (cf. Gilles 2011). Gilles/Moulin (cf. 2003, S. 313) erkennen esouguer zënter dem Ufank vun den 1990er Joren e signifikanten Opschwung vum Lëtzebuergeschen an der geschriwwener Kommunikatioun. Niewent der Internetpräsenz vun RTL an aneren Ënnerhalungs- a Mediesäiten, déi säit den 1990er Joren net méi just op Franséisch an Däitsch, mä och op Lëtzebuergesch existéieren (rezeptiivt Liese vu Lëtzebuergesch), ass och den aktive Gebrauch vum Lëtzebuergeschen duerch d'Verschécke vun SMSen oder och duerch sozial Netzwierker geklommen (cf. Gilles 2009). Déi ënnerschiddlech digital Kommunikatiounsgenren, déi de Gebrauch vum Lëtzebuergesche fërderen, weisen alleguer eng Gemeinsamkeet op: „It is important to add that nearly all of these written domains belong to or are connected with private life; they show features of a ‚language of closeness‘.“ (Gilles/Moulin 2003, S. 313f.)

Mä och an ëmmer méi offiziellen an institutionelle Situatiounen, wéi beispillsweis dem berufflechen E-Mail-Verkéier, a Bréiwer un Institutiounen, an offiziellen Dokumenter, wéi dësem Recueil iwwert d'sproochlech Bildung am éischte Cycle, kënn et ëmmer méi dacks vir, datt op Lëtzebuergesch geschriwwe gëtt. E Bléck op déi rezentst Statistike vum Sproochegebrauch beleeeën dat. Et gesäit ee beim alldeegleche Gebrauch vun de vereenzelte Sproochen de grousser Stellewäert vum Lëtzebuergeschen, do hannendrun awer och de Gebrauch vun deenen zwou aneren administrative Sproochen (Franséisch an Däitsch) an och deen ëmmer méi groussen Impakt vum Engleschen.

| | Nombre de personnes | Pourcentage |
|----------------|---------------------|-------------|
| Luxembourgeois | 323 557 | 70.5% |
| Français | 255 669 | 55.7% |
| Allemand | 140 590 | 30.6% |
| Anglais | 96 427 | 21.0% |
| Portugais | 91 872 | 20.0% |
| Italien | 28 561 | 6.2% |
| Autres langues | 55 298 | 12.1% |
| Total | 458 900 | |


Tabell 4: Geschwate Sproochen op der Aarbecht, an der Schoul an/oder doheem
 Quell: STATEC (2013)

Dësen Zoustand bewierkt, datt zu Lëtzebuerg d’Kommunikatioun souwuel am Mëndleche wéi elo och duerch d’Schreiwien op Lëtzebuergesch vun héije méisproochege Ressourcen a Kompetenzen ausgeet.

D’Plaz vum Lëtzebuergesch am méisproochege Schoulsystem

Dobäi ass d’Schoulwiesen eng ganz wichteg Instanz, fir d’Kanner schrëttweis un den Ëmgank mat den ënnerschiddleche Sproochen erunzeféieren, dësen awer och aktiv virzeliewen. Lëtzebuergesch huet déi wichteg Roll als Integratiounssprooch an der Schoul.

Datt dëst awer komplex ass an d’Méisproochegeket, ënnert anerem d’Zeréckgräifen op aner Familljesproochen, e wichtege Facteur ass, weist déi nächst Tabell.



Tabell 5: Éischtsprooch vum de Schülerinnen a Schüler vun 2005-2016
 Quell: MENJE 2017, S. 11

D'Tabell weist de Wandel vun den Éischtsprooch vum de Kanner, wa si an d'Schoul kommen. Ass virun iwwer zéng Joer d'Majoritéit vun de Kanner nach lëtzebuergeschsproocheg gewiescht, esou wíisst elo e Groussdeel mat enger anerer Éischtsprooch wéi Lëtzebuergesch an der Famill op.

Am éischte Cycle ass Lëtzebuergesch déi wichtegst Kommunikatiounssprooch an och an deenen dräi anere Cyclé vum der Grondschoul huet si hir Plaz. No der Septième gëtt d'Lëtzebuergesch als Schoulfach net méi ugebueden am Curriculum an ass zudeem als Unterrechtssprooch onerwünscht (cf. Weber 2009, 89), obwuel dëst laut Ehrhart/Fehlen (2012, S. 295) net ganz strikt agehale gëtt: „Even if there is no broader empirical observation available, it is generally known that Luxembourgish has entered the classrooms through the back door and against the official curricula.“

Rezent Mesurë wäerten der Lëtzebuenger Sprooch net nëmmen an der Grondschoul, mä och am Secondaire, en anere Stellewäert ginn. Am Juni 2018 ass d'Gesetz iwwe d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch gestëmmt ginn. Dëst Gesetz gesäit eng Partie Mesurë vir, déi d'Regierung am Kader vun der Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch festgehalten huet, an déi an deene nächste Jore wäerten ëmgesat ginn. Op de Schoulkontext bezunn heescht dat ënnert anerem, datt d'Leiere vun der Lëtzebuenger Sprooch a vun der Lëtzebuenger Kultur gefërdert wäerte ginn.¹⁸

Niewent dem Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch, dem Franséischen an dem Däitschen als Bildungssproochen (an, deemno wéi, och dem Engleschen, Italieneschen, Spueneschen asw.) sollen och déi sëllege Familljesproochen, déi d'Kanner matbréngen, eng Plaz an der Schoul fannen, fir déi individuell Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg weider ze fërderen (cf. Heft 3).

Allgemeng sollt dëse kuerze Resumé vun der Lëtzebuenger Sproochgeschicht weisen, wéi déi haiteg Méisproochegkeet entstanen ass, wéi si sech am Laf vun der Zäit weiderentwéckelt an ëmmer erëm verännert huet. Haut hunn déi dräi Amtssprooche vu Lëtzebuerg wichteg funktionell Aufgaben an der Kommunikatioun an erméiglechen eng oppen a méisproocheg Ausriichtung vum Grand-Duché. Besonnesch de Gebrauch an de Status vum Lëtzebuergesche schéngt sech manner duerch eng vu staatlecher Säit bestëmmt Sproochepolitik (*top-down*) verännert ze hunn, mä villméi duerch e gesellschaftlech gewuessene Wiessel (*bottom-up*) vum Stellewäert vun der Lëtzebuenger Sprooch (Wuesstem vum Status an dem Prestige). Et ass wichteg, datt Lëtzebuergesch souwuel a senger mëndlecher wéi och schrëftlecher Form eng dominant Roll an der Gesellschaft spillt. Mä dëst geet nëmmen als Deel vun engem méisproochege Konstrukt, dat vun de lëtzebuergeschen Awunner gelieft a verkierpert gëtt.

¹⁸ <http://www.men.public.lu/catalogue-publications/themes-transversaux/informations-generales-offre-scolaire/sproocheronn-brochure/lu.pdf> .01.08.2018)

1.7 Referenzen

Bibliographie

- BAKER, C. (2011): Foundations of Bilingual Education and Bilingualism. 5th Edition. Bristol, Buffalo, Toronto: Multilingual matters.
- BERG, G. (1993): Mir wëlle bleiwe, wat mir sin: Soziolinguistische und sprachtypologische Betrachtungen zur luxemburgischen Mehrsprachigkeit. Tübingen: Niemeyer Verlag.
- BERG, C.; WEIS, C. (2007): Réajustement de l'enseignement des langues. Plan d'action 2007-2009: contribuer au changement durable du système éducatif par la mise en œuvre d'une politique linguistique éducative. Luxembourg: CESIJE.
- BLOMMAERT, J.; RAMPTON, B. (2011). Language and Superdiversity. Aus: Diversities, 13 (2). 1-20. Paris: UNESCO, Göttingen: Max Planck Institute for the Study of Religious and Ethnic Diversity. URL: https://www.mmg.mpg.de/fileadmin/user_upload/Subsites/Diversities/Journals_2011/2011_13-02_art1.pdf (01.08.2018)
- BRUCH, R. (1953): Luxemburger Linguistik. Aus: Les cahiers luxembourgeois 1, 39-50.
- BRUCH, R. (1954): Das Luxemburgische im westfränkischen Kreis. Luxembourg: Linden.
- BRUCH, R. (1955): Précis populaire de grammaire luxembourgeoise. Luxemburger Grammatik in volkstümlichem Abriss. Luxembourg: Linden.
- BRUCH, R. (1969): Gesammelte Aufsätze. Mit einem Geleitwort von Walther Mitzka. Luxembourg: Bibliothèque Nationale.
- CALMES, C.; BOSSAERT, D. (1996): Geschichte des Großherzogtums Luxemburg von 1815 bis heute. Luxembourg: Éditions Saint-Paul.
- CALVET, L. J. (1999): La guerre des langues et les politiques linguistiques. Paris: Hachette Littératures.
- CONTER, C.; GOETZINGER, G. (Hrsg.) (2008): Identitäts(de)konstruktionen. Neue Studien zur Luxemburgistik. Differdange: Phi; Mersch: Centre national de Littérature.
- EHRHART, S.; FEHLEN, F. (2012): Luxembourgish: A Success Story? A Small National Language in a Multilingual Country. Aus: FISHMAN, J. A.; GARCIA, O. (Hrsg.): Handbook of Language and Ethnic Identity. Oxford: Oxford University Press, 285-298.
- ENGELMANN, R. (1910): Der Vokalismus der Viandener Mundart. Großherzogliches Gymnasium zu Diekirch.
- ESCH, M. (Hrsg.) (1916): Auf heimatlichen Pfaden. Novellen und Anderes aus dem Nachlass von René Engelmann. Diekirch.
- FEHLEN, F. (2011): Le statut du français sur le marché linguistique du Luxembourg. Le choix de la langue comme enjeu d'un champ scientifique en devenir. Aus: GILLES, P.; WAGNER, M. (Hrsg.): Bausteine der Luxemburgistik. Frankfurt a. M.: Peter Lang, 151-175.
- FEHLEN, F. (2012): Elitensprache in Luxemburg. Aus: Forum für Politik, Gesellschaft und Kultur in Luxemburg, 314, 41-46. URL: https://forum.lu/pdf/artikel/7332_314_Fehlen.pdf (01.08.2018)
- FEHLEN, F. (2013a): Die Stellung des Französischen in Luxemburg. Von der Prestigesprache zur Verkehrssprache. Aus: SIEBURG, H. (Hrsg.): Vielfalt der Sprachen – Varianz der Perspektiven. Zur Geschichte und Gegenwart der Luxemburger Mehrsprachigkeit. Bielefeld: transcript Verlag, 71-113.
- FEHLEN, F. (2013b): Wie viele Sprachen braucht die Luxemburger Grundschule? Eine Auseinandersetzung mit dem Konzept der École primaire bilingue luxembourgeoise à double alphabétisation. Aus: Forum für Politik, Gesellschaft und Kultur in Luxemburg, 325, 51-54. URL: https://www.forum.lu/wp-content/uploads/2015/11/7559_325_Fehlen.pdf (01.08.2018)

- FEHLEN, F. (2015): Der ungeplante Ausbau des Luxemburgischen im Spannungsfeld von Germania und Romania. Aus: Quo Vadis, Romania, 45, 65-80. Wien: IFR Universität.
- FEHLEN, F.; HEINZ, A. (2016): Die Luxemburger Mehrsprachigkeit. Ergebnisse einer Volkszählung. Bielefeld: transcript Verlag.
- GANGLER, J.F. (1847): Lexikon der Luxemburger Umgangssprache. Luxemburg: V. Hoffman. URL: <http://engelmann.uni.lu:8080/portal/wbb/woerterbuecher/llu/hinweise/vorwort> (01.08.2018)
- GILLES, P. (1999): Dialektausgleich im Lëtzebuergeschen. Zur phonetisch-phonologischen Fokussierung einer Nationalsprache. Tübingen: Niemeyer Verlag.
- GILLES, P. (2009): Jugendsprachliche Schriftlichkeit auf Luxemburgisch in den Neuen Medien. Aus: BERG, C.; KERGER, L.; MILMEISTER, M. (Hrsg.): Savoirs et engagements. Hommage à Georges Wirtgen. Luxembourg: Éditions Phi, 166-175.
- GILLES, P. (2011): Mündlichkeit und Schriftlichkeit in der luxemburgischen Sprachgemeinschaft. Aus: MEIN, G.; SIEBURG, H. (Hrsg.): Medien des Wissens. Interdisziplinäre Aspekte von Medialität. Bielefeld: transcript Verlag, 43-64.
- GILLES, P. (2012): Unveröffentlichtes Manuskript zur Vorlesung: „Wat ass Lëtzebuergesch?“. Luxemburg.
- GILLES, P.; FEHLEN, F. (2009): 25 Joer nom Sproohegesetz ass eis Sprooch net a Gefor. Aus: Luxemburger Wort, 6. März 2009, 12. URL: <http://infolux.uni.lu/25-joer-nom-sproohegesetz-ass-eis-sprooch-net-a-gefor/#more-482> (01.08.2018).
- GILLES, P.; MOULIN, C. (2003): Luxembourgish. Aus: DEUMERT, A.; VANDENBUSSCHE, W. (Hrsg.): Germanic Standardization. Past to Present. Amsterdam: John Benjamins, 303-329.
- GILLES, P.; MOULIN, C. (2009): Die soziale Praxis der Mehrsprachigkeit in Luxemburg. Aus: WILLEMS, H. (Hrsg.): Handbuch der sozialen und erzieherischen Arbeit in Luxemburg – Manuel de l'intervention sociale et éducative au Grand-Duché de Luxembourg. Luxemburg: Uni Luxemburg, 197-215.
- GILLES, P. et al. (2010): Sprachen und Identitäten. Aus: IPSE – Identités, Politiques, Sociétés, Espaces (Hrsg.): Doing Identity in Luxembourg. Subjektive Aneignungen – institutionelle Zuschreibungen – sozio-kulturelle Milieus. Bielefeld: transcript Verlag, 63-104.
- GLESENER, J. (2012): Les littératures au Luxembourg: Tour d'horizon d'une médiation difficile. Aus: COLAS-BLAISE, M.; TORE, G.-M. (Hrsg.): Médias et médiations culturelles au Luxembourg. Luxembourg: Éditions Guy Binsfeld, 152-186.
- GLESENER, J. (2013): Le multilinguisme comme défi et caractéristique de la littérature au Luxembourg. Aus: SIEBURG, H. (Hrsg.): Vielfalt der Sprachen – Varianz der Perspektiven. Die Luxemburger Mehrsprachigkeit in Geschichte, Gegenwart und Zukunft. Bielefeld: transcript Verlag, 35-70.
- GOETZINGER, G. (2000): Eine Sprache geht ihren Weg: Von ‚onst Däitsch‘ zu ‚eis Sprooch‘. Aus: GOETZINGER, G.; MANNES, G.; MULLER, R. (Hrsg.) (2000): Lëtzebuergesch: „eng Ried, déi vun allen am meeschten ëm ons klängt“ (A. Meyer). Mersch: Centre national de Littérature, 7-19.
- HOFFMANN, F. (1964-1967): Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung. Erster Band: Von den Anfängen bis zu Michel Rodange. Zweiter Band: Von Aendréi Duchscher bis zur Gegenwart. Mit einer Bibliographie von Carlo Hury und einem Geleitwort von Prof. Dr Hugo Moser. Luxemburg: Bourg-Bourger.
- HOFFMANN, F. (1978): Sprachen in Luxemburg. Sprachwissenschaftliche und literarhistorische Beschreibung einer Triglossie-Situation. Wiesbaden: F. Steiner.
- HOFFMANN, F. (1987): Pragmatik und Soziologie des Lëtzebuergeschen. Aus: GOUDAILLER, J.-P. (Hrsg.): Aspekte des Lëtzebuergeschen, Hamburg: Buske Verlag, 91-194.
- HONNEF-BECKER, I.; KÜHN, P. (2004): Über Grenzen. Literaturen in Luxemburg. Esch-Alzette: Éditions Phi.
- HORNER, K.; WEBER, J. J. (2008): The language situation in Luxembourg. Aus: Current Issues in Language Planning 9 (1), 69-128.

KAYSER, E. M. (1990): Irgendwo zwischen Wien und London ... Das Großherzogtum Luxemburg von 1815 bis 1867. Luxemburg: Éditions Saint Paul.

KLEIN, C. (2003): La valorisation des compétences linguistiques sur le marché du travail luxembourgeois. Differdange: CEPS/INSTEAD. URL: <http://www.statistiques.public.lu/catalogue-publications/population-emploi-CEPS/2003/PDF-Population-et-Emploi-5-2003.pdf> (01.08.2018).

KLOSS, H. (1967): 'Abstand languages' and 'Ausbau languages'. Aus: *Anthropological Linguistics* 9. 29-41.

MARGUE, P. (1978): Luxemburg in Mittelalter und Neuzeit. Luxemburg: Bourg-Bourger.

MENFP – Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Grand-Duché de Luxembourg (2008): Bildungsstandards Sprachen. Leitfaden für den kompetenzorientierten Sprachenunterricht an Luxemburger Schulen. Luxemburg: MENFP.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché de Luxembourg (2017): Enseignement fondamental. Cycles 1 à 4. Éducation différenciée. Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2015/16.

MEYER, A (1829): E' Schrek ob de' Lezeburger Parnassus. Luxemburg: J. Lamort. URL: <https://books.google.lu/books?id=ydA6AAAACAAJ&> (01.08.2018)

MILMEISTER, J. (1986): Wer zählt die Andrés, nennt die Namen? Aus: *Lëtzebuenger Almanach 1987*. Luxemburg: Éditions Guy Binsfeld, 333-346.

NEWTON, G. (1993): Allophonic variation in Luxembourgish palatal and alveolar-palatal fricatives: Discussion of an areal survey taken in 1979. Aus: FLOOD, J. L.; SALMON, P.; SAYCE, O.; WELLS, C. (Hrsg.): *Das unsichtbare Band der Sprache. Studies in German Language and Linguistic History in Memory of Leslie Seiffert*. Stuttgart: Akademischer Verlag, 627-656.

NEWTON, G. (2000): The spelling of Luxembourgish. Systems and development since 1824. Aus: Newton, G. (Hrsg.): *Essays on Politics, Language and Society in Luxembourg*. Lewiston: Edwin Mellon Press, 135-161.

PAULY, M. (2011): *Geschichte Luxemburgs*. München: Beck.

STATEC – Institut national de la statistique et des études économiques du Grand-Duché de Luxembourg (2012): Recensement de la population 2011. Premiers résultats N°4. Luxemburg: STATEC. URL: <http://www.statistiques.public.lu/fr/publications/series/rp2011/2012/04-12-pop-nationalite/index.html> (01.08.2018).

STATEC – Institut national de la statistique et des études économiques du Grand-Duché de Luxembourg (2013): Recensement de la population 2011. Premiers résultats N°3. Luxemburg: STATEC.

STATEC – Institut national de la statistique et des études économiques du Grand-Duché de Luxembourg (2018): Informations statistiques récentes. Communiqué de presse, N°12-2018. Luxemburg: STATEC. URL: <http://www.statistiques.public.lu/fr/actualites/population/population/2018/04/20180419/20180419.pdf> (01.08.2018).

TRAUSCH, G. (1987): La situation du français au Luxembourg. Une prééminence précaire dans un pays d'expression trilingue. Aus: *Extension de l'Université libre de Bruxelles* (Hrsg.): *Le français, langue des sciences et des techniques*. Luxemburg: linguattech Éditeur, 93-118.

TRAUSCH, G. (1994): Luxemburg als Nachbar Deutschlands im 19. und 20. Jahrhundert. Aus: SCHINZINGER, K.; SCHWABE, F. (Hrsg.): *Deutschland und der Westen im 19. und 20. Jahrhundert. Teil 2. Deutschland und Westeuropa*. Stuttgart: Historische Mitteilungen der Ranke-Gesellschaft, 213-240, Band 11.

UNESCO – United Nations Educational, Scientific and Cultural Organization (2003): *Education in a Multilingual World*. Paris: UNESCO. URL: <http://unesdoc.unesco.org/images/0012/001297/129728e.pdf> (01.08.2018).

VERTOVEC, S. (2007): Superdiversity and its implications. Aus: *Ethnic and Racial studies* 30/6, 1024-1054.

WEBER, B. (1909): Ueber Mischkultur in Luxemburg. Aus: *Beilage der Münchner Neuesten Nachrichten*, Nr. 15, 121-124.

WEBER, J. J. (2009): *Multilingualism, Education and Change*. Frankfurt: Peter Lang.

Gesetzestexter

Constitution du 9 juillet 1848 du Grand-Duché de Luxembourg (texte abrogé)
URL: <http://legilux.lu/eli/etat/leg/ordr/1848/07/09/n1/jo> (01.08.2018).

Loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire (texte abrogé). URL: <http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/1912/08/10/n1/jo> (01.08.2018).

Arrêté ministériel du 5 juin 1946 portant fixation d'un système officiel d'orthographe luxembourgeois. URL: <http://data.legilux.public.lu/file/eli-etat-leg-memorial-1946-40-fr-pdf.pdf> (01.08.2018).

Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. URL: <http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/1984/02/24/n1/jo> (01.08.2018).

Loi du 20 juillet 2018 portant sur la promotion de la langue luxembourgeoise. URL: <http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/20/a646/jo> (01.08.2018).

Tabellen

Tabell 1: Populatioun vu Lëtzebuerg no Nationalitéiten, S. 32

Tabell 2: Zuel vu geschwatene Sproochen zu Lëtzebuerg, S. 34

Tabell 3: Auslännesch Matbierger no Nationalitéit, S. 35

Tabell 4: Geschwate Sproochen op der Aarbecht, an der Schoul an/oder doheem, S. 37

Tabell 5: Éischtsprooche vun de Schülerinnen a Schüler vun 2005-2016, S. 38

Kaart

Kaart 1: Territorial Verännerunge vu Lëtzebuerg am Laf vun der Geschicht, S. 15

Grafiken

Grafik 1: Artikel 30 aus der Verfassung vun 1848, S. 16

Grafik 2: Antoine Meyer: „E' Schrek ob de' Lezeburger Parnassus“, S. 19

Grafik 3: Jean-François Gangler (1847): „Lexicon der Luxemburger Umgangssprache (wie sie in und um Luxemburg gesprochen wird) mit hochdeutscher und französischer Uebersetzung und Erklärung“, S. 21

Grafik 4: Foto vum Formulaire „Personenstandsaufnahme vom 10. Oktober 1941“, S. 26

Grafik 5: Sproochegesetz vum 24. Februar 1984, S. 29/30

Layout an Illustratiounen: GAM S.A., Lëtzebuerg
www.gam.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse